LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 7 vum 31. Oktober 2023 vum Här Deputéierte Sven Clement**

1. D'Bestoe vun engem iwwerméissegen Agrëff an d'Privatliewe vun enger betraffener Persoun, oder vu betraffene Persoune muss vu Fall zu Fall unhand vu verschiddene Facteuren analyséiert ginn, dorënner d'Empfindlechkeet vun de perséinlechen Donnéeën, de Lien vun de perséinlechen Donnéeë mat der wëssenschaftlecher Aarbecht, d'Aart a Weis vun der Veröffentlechung vun den Donnéeën oder déi ze erwaardend Konsequenze vun enger Veröffentlechung fir déi betraffe Persounen.

2. D'Nationalarchiv huet net decidéiert, Wësseschaftler/innen insgesamt just nach Zougang zu anonymiséierte Quellen ze ginn. Wéi scho virdrun ugedeit, gëtt all Demande vu Fall zu Fall gekuckt. Fir e Gläichgewiicht tëschent dem Schutz vu perséinlechen Donnéeën an dem Respekt vum Archivgesetz z'assuréieren kritt den Demandeur ab elo déi gefroten ëffentlech Archiven ënnert net anonymiséierter Form iwwermëttelt, am Fall wou d'Entité versante dës Anonymisation net gefrot huet. Falls d'Entité versante dës Anonymisatioun spezifesch gefrot huet, kritt den Demandeur déi gefroten ëffentlech Archiven ënnert anonymiséierter Form iwwermëttelt. An dësem Fall informéiert d'Nationalarchiv den Demandeur, datt fir en Zougang zu net anonymiséierten Dokumenter d'Erlabnis vun der Entité versante muss ageholl ginn.

3. Am Fall vun enger Zougangsufo zu Archive virum Oflafe vun de Schutzfristen, gesäit d'Archivgesetz vun 2018 vir, datt den Direkter vum Nationalarchiv, nom Accord vun der Entité versante, dës Kommunikatioun autoriséiert awer nëmmen ënnert der Konditioun, datt dës Kommunikatioun néideg ass fir d'Realisatioun vun der wëssenschaftlecher Recherche déi am ëffentlechen Interessi gemaach gëtt a weder eng „atteinte excessive à la vie privé de la personne concernée", nach eng „atteinte excessive aux intérêts protégés par la loi" mat sech bréngt.
   Niewent dem Archivgesetz spillen och den RGPD an d'Gesetz vun der Dateschutzkommissioun vun 2018.

4. Et sief ze präziséieren, datt d'Archivgesetz virgesäit, datt et den Direkter vum Nationalarchiv ass deen, nom Accord vun der Entité versante, den Zougang zu den Archivdokumenter autoriséiert, respektiv refuséiert. D'Archivgesetz gesäit fir, datt am Fall vun esou engem Refus de Wëssenschaftler oder d'Wëssenschaftlerin (oder all aneren Demandeur) de Conseil des archives saiséiere kann. E Recours virum Tribunal administratif ass och méiglech.

Lëtzebuerg, de 15. November 2023.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson